# A:LL Schrëftsteller*innen

Associatioun: Lëtzebuerger Literatur | Association: Littérature Luxembourgeoise | Association: Luxembourgish Literature | Assoziation: Luxemburger Literatur | Associação: Literatura Luxemburguesa

Léif Membere vun der Press,

elo, wou ee Kulturentwécklungsplang ausgeschafft an eng nei ASBL gegrënnt gouf, fir en ze realiséieren, huet sech ee Grupp vu Schrëftsteller*innen zesummefonnt, fir iwwer d'Noutwennegkeet ze debattéieren, sech als Struktur z'organiséieren – mam duebelen Zil virun Aen, sech um nationalen an internationale Plang eng Stëmm ze ginn an deelzehuelen un der Professionaliséierung vum Lëtzebuerger Kultursecteur.

No laangen, genee sou hëtzege wéi produktiven Diskussiounen si mir frou, elo – 34 Joer no der Grënnung vum LSV a véier Joer no sengem Enn – d'Grënnung vun *A:LL Schrëftsteller*inne* bekannt ze ginn – eng Associatioun, déi sech zum Zil gesat huet, d'Schrëftsteller*innen ze gruppéieren an ze representéieren, déi zu Lëtzebuerg

enger reegelméisseg literarescher Aktivitéit noginn an ee professionelle Parcours respektiv ee schrëftstelleresche Parcours an der Entwécklung virweises hunn.

Eis Associatioun (A:LL = Associatioun: Lëtzebuerger Literatur) ass an deem Sënn een Treffpunkt an eng Dialogplattform fir eis Memberen; se engagéiert sech fir d'Protektioun an d'Verbesserung vum Statut an de Schaffkonditioune vun de Schrëfsteller*innen genee sou wéi fir d'Verdeedegung vun hire soziale Rechter, hire materiellen, juristeschen a moraleschen Interessien. Se bezitt Positioun zu aktuelle Sujeten, déi d'schrëftstelleresch Schaff, d'literaresch Iwwersetzung a ganz allgemeng de Buchsecteur betreffen.

De Verwaltungsrot besteet aus: Jean Back, Ulrike Bail, Tullio Forgiarini, Gast Groeber, Samuel Hamen, Susanne Jaspers, Francis Kirps, Claudine Muno, Anne-Marie Reuter, Nathalie Ronvaux, Jeff Schinker, Elise Schmit et Ian de Toffoli. Grënnungsmembere sinn doriwwer eraus den Nico Helminger an d'Nora Wagener.

Den Exekutivbüro, dee bei der konstitutiver Generalversammlung via Vott bestëmmt gouf, setzt sech zesummen aus: Samuel Hamen (Präsident), Nathalie Ronvaux (Vize-Präsidentin), Jeff Schinker (Sekretär) a Claudine Muno (Trésorière).

Mir freeën eis doriwwer eraus, datt mir de Pol Greisch, de Jhemp Hoscheit, den Nico Helminger, d'Josiane Kartheiser, d'Colette Mart, de Lambert Schlechter an d'Marget Steckel als Éieremembere gewanne konnten.

Een Internetsite (www.a-ll.lu) ass accessibel; do fannt Dir och ee Bäitrëttsformulaire. Dëse Site wäert an der nächster Zäit ergänzt ginn. Wann Dir u weideren Informatiounen interesséiert sidd, zéckt w.e.g. net eis via Mail ze kontaktéieren : info@a-ll.lu.

Fir de Verwaltungsrot : Samuel Hamen
Präsident vun A:LL Schrëftsteller*innen

1, rue de Laroche, L-1918 Luxembourg www.a-ll.lu info@a-ll.lu

Lëtzebuerg, den 2. Oktober 2020